

Vill zesummen ënnerwee

D'Äischdall Flitzer huelen un den „Tweedaagse Blankenberge“ deel

Äischen. Viru Kuerzem haten d'Äischdall Flitzer hir Generalversammlung am Centre culturel Jean Wolff. De President Jean-Marie Godefroy huet ëm eng Gedenkminutt fir déi verstuerwe Membere gebieden. Betraff ware vill Membere, wéi se vum Doud vum René Goergen am Alter vun 94 Joer héieren hunn. Als fréiere Comitésmember war hie ganz aktiv an engagéiert am Club an huet bis d'lescht Joer ëmmer mat ugepaakt, wann eng Aktivitéit war.

Laut dem Sekretär Frank Brickler huet de Veräin 63 lizenziéiert Membere. Bei der Wanderung op Ouschterméindeg waren 1370 Leit um Départ a bei der der Nomëtteswanderung am August waren et der 357, déi duerch déi herrlech Natur ronderëm Äischen gewandert sinn.

31 Persoune ware beim Iesse fir déi aktiv Membere dobäi. Eng grouss Eier war et dem Club fir

2019 d'Journée des récompenses de la FLMP ze organiséieren. Als verdéngschtvoll Bierger fir hiren Asaz ausgezeecht goufen d'Comitésmembere Marcel Pletschette, Beatrice Roben, Romain Feiereisen, Jean-Marie Godefroy, Frank Brickler a Johnny Post.

De 7. Dezember war de Club op eng Marche illuminée op Metz gefuer. Bei der Wanderung vun 13 Kilometer duerch Metz an iwwert déi schéi Chrëschtmäert hu 26 Persoune matgemaach. E schéine Kaddo vum Club war fir d'Françoise Van Vlierberge fir hir 75 Joer a fir de Gustave Basselier fir seng 80 Joer.

Fir 2020 stinn d'Wanderung op Ouschterméindeg, den 13. Abrëll, an d'Nomëtteswanderung den 29. August um Programm. Als Merci un all aktive Member fir déi vill Aarbecht am Club gëtt am Mee eng Rees vun dräi Deeg op Blankenberg organiséiert. Vum 1. bis 3.

Mee sinn 52 Persoune op der belscher Plage a bedeelegen sech och aktiv un der Wanderung „Tweedaagse Blankenberge“ iwwer 15, 24 oder 42 Kilometer. De Keessier Johnny Post sot, datt et dem Club finanziell gutt geet. Neit Aarbechtmaterial ass ugeschaaft ginn an d'Zukunft vum Club steet op zollite Féiss. De Guido Goelff an de Johnny Braun hunn dem Caisier eng propper a seriö Aarbecht bestätegt.

De Schäffe Carlo Moes sot, dass d'Äischdall Flitzer scho méi wéi 40 Joer bestinn an dass si ëmmer erëm d'Faarwe vun der Gemeng am ganze Land verrieden, wier hinnen héich unzerrechnen. De President vun der FLMP, de Romain Barbier, huet Merci gesot fir d'Organisation vun der Journée des Récompenses an och fir de Respekt vun der Natur, andeems op Plastikbechere verzicht gëtt.

Äischdall-Flitzer via mywort.lu



Eng Rei Membere goufen ausgezechent.